



Groupe parlementaire

Dépôt: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2022

Débat sur l'état de la nation

3

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt


- d'Iwwerwaachung vu Parteien a Politiker net zu den Aufgabe vum SREL gehéiert, mee vun der Police;
- während d'SREL-Gesetz vun 2016 de feste Kader fir déi operativ Aktivitéite vum SREL festleet, mat enger permanenter Kontroll op verschiddeenen Niveauen – Kontroll duerch eng parlamentaresch Geheimdéngscht-Kontrollkommissioun, duerch d'Justiz an och duerch de Staatsministère – et awer am Hibréck op déi politesch Iwwerwaachungsaktivitéit vun der Police Grand-Ducale keng vergläichbar Dispositiounen gëtt;
- d'Deputéiert also net wësse kënnen, wien hei am Land, oder och ob si selwer oder hir Partei, aus politesche Grënn vun der Police iwwerwaacht gëtt;
- am Ausland et awer Reegele gëtt, wéi d'Parteien doriwwer informéiert ginn, an datt si och Recours-Méiglechkeete géint eng Iwwerwaachung hunn;

ass sech bewusst, datt

- et keng Informatiounen doriwwer gëtt, wéi vill Politiker oder wéi eng Parteien an deene leschte Jore vun der Police Grand-Ducale iwwerwaacht goufen;
- d'Deputéiert als Vertrieeder vum Vollek d'Recht hunn op eng vollstänneg Transparenz, wat d'Iwwerwaachung vu Politiker ugeet;

fuerdert d'Regierung op,

- ee Gesetzesprojet virzeleeën, deem d'Asetze vun enger parlamentarescher Kontrollkommissioun am Kontext vun de politeschen Iwwerwaachungsaktivitéite vun der Police virgesäit.


Fernand Kartheiser